

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir déi sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Säit gutt engem Joer ginn zu Lëtzebuerg Covid-Impfungen offréiert. Vill Leit hunn déi gratis Offer ugeholl a sech impfe gelooss. Vun eventuellen Niewewierkungen ass net alles gewosst, ausser dat, wat mir vun der Pharmacovigilance matgedeelt kréien.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Ass am leschte Joer eng erhéichten Zuel u Krankmeldunge par rapport zu den dräi Joer virdu feststellen?
- 2) Ginn et Statistiken doriwwer, wéi vill vun dëse Krankmeldungen op d'Niewewierkunge vun der Impfung zrückzeféiere sinn?
- 3) Wéi deele sech d'Krankmeldungen an deene leschte véier Joer op no Krankheetsbiller?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten

